# Intervention

## de Monsieur Jean-Marie HALSDORF
## Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire

## à l'occasion de la conférence internationale

# *Réussir la politique d'égalité des femmes et des hommes dans les communes*

**le 2 juillet 2007 à Mamer**

Madame Minister,

Dir Dammen an Dir Hären,

Lëtzebuerg as ganz sensibel am Bereich vun der Politique iwer d'Gleichstellung vu Fra a Mann an der Gesellschaft an huet an der Vergaangenheet emmer sein Engagement um Wee vun der Realisatioun vun deser Gleichstellung gewisen.

Die politesch Responsabel sin sech bewosst, dass et net duergeet iwer des Egalitéit ze schwetzen. D'Gleichstellung vun de Fraen a Maenner an eiser Gesellschaft as eng Saach déi mer stänneg förderen an déi mer mat alle Moyenen versichen um Terrain ze realiséieren.

Fir dass des Gleichstellung Wiirklechkeet gët, as et wichteg, dass net nemmen de Staat sech drem këmmert, mee dass eis Gemengen, also déi politesch Strukturen déi am nooste bei de Biergerinnen a Bierger sin, matmaachen fir dest Ziel ze erreechen.

Op der Seit vum Staat gouf an de leschte Joren villes gemat fir d'Gleichstellung vun de Fraen an de Männer an onsem Land wirklech ze festegen.

Eis Verfassung, déi d'Rechter an d'Freiheeten vun de Biergerinnen a Bierger an eisem Land festhält, gouf nach virun engem Joer op desem spezifesche Punkt verbessert an haut liese mir am Artikel 11 (2): « Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs. – L'Etat veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre femmes et hommes. »

Och wann verschide Leit der Meenung sin dest wier dach alles selbstverständlech, da musse mer leider feststellen, dass mer och hei zu Lëtzebuerg nach permanent mussen Efforen maachen, fir zu enger effektiver Gleichstellung an alle Bereicher an op alle Plaazen ze kommen.

D'Gemengen sin an der Emsetzung vun deser Politik e wichtege Partner. Sie sin no bei de Biergerinnen an de Bierger, sie kennen d'Leit déi op hirem Territoire wunnen, sie gesin d'Problemer als éischt an sie sin also och déi éischt déi kënnen intervenéieren. Vill Gemengen sin sech hirer Roll an desem Bereich voll bewosst a verschiddener sin och schon op desem Plang méi oder wéineger aktiv.

Fir eng Gleichstellungspolitik op kommunalem Niveau können ze maachen, get et eng Rei vun Instrumenter déi de Gemengen zur Verfügung stin.

Des Politik begreift esouwuel den interne Plang vun der Gemengeverwaltung, dat heescht die politesch Vertrieder an d'Gemengepersonal, ewéi och den externe Plang, dat heescht d'Populatioun vun der Gemeng.

Um interne Plang as et un de politesche Parteien fir all méiglech Schrëtt ze ënnerhuelen fir d'Fraen un der Gemengepolitik ze interesséieren an fir se mat an d'Gemengestrukturen eran ze huelen fir sech aktiv ze bedeelegen.

Et as um Schefferot an um Gemengerot fir eng paritéitesch Besetzung an de Gemengekommissiounen erbeizeféieren.

Um Niveau vum Gemengepersonal as d'Gesetz iwer de Statut vum Gemengebeamten am August 2006 dem Statut vun de Staatsbeamten ugepasst gin wat d'Gleichstellung vu Fra a Mann op der Aarbechtsplaaz ubelaangt. Die nei Bestemmungen soen, dass an all Gemengeverwaltung, an och an all Verwaltung vun engem Gemengesyndikat muss en "Délégué du personnel à l'égalité entre femmes et hommes" sin, deen als Aufgab huet derfir ze suergen, dass d'Gemengepersonal gleich behandelt get an alle Bereicher déi vum Gesetz vum 8. Dezember 1981 ofgedeckt sin. Des Bereicher sin d'Gleichbehandlung vu Mann a Fra wat den Accès op d'Aarbechtsplaazen ugeet, wat die berufflech Ausbildung ugeet an och wat d'Aarbechtskonditiounen ugeet.

Fir um externe Plang, also am alldeegleche Liewen vun hire Biergerinnen a Bierger Gleichstellungspolitik ze maachen, brauchen d'Gemengenautoritéiten fir d'éischt emol Informatiounen; da können se d'Besoinen ermëttelen an duerno können se plangen an dann realiséieren.

Fir hier Gleichstellungspolitik ze begleeden hun se d'Méiglechkeet eng beroodend Kommissioun ze schaafen op Grond vum Artikel 15 vum Gemengegesetz. Desen Artikel erlaabt de Gemengeréit fir "commissions consultatives" anzesetzen, deenen hir Zesummesetzung, hire Fonctionnement an hir Attributiounen de Gemengerot selwer an sengem Règlement d'ordre intérieur festleet. Et as also un jidder eenzelnem Gemengerot fir vun desem Instrument, wat d'Gesetz em get, dee richtege Gebrauch ze maachen. Déi Gemengeréit, déi gewëllt sin eng aktiv Politik am Bereich vun der Gleichstellung vun de Fraen a Männer ze maachen, können sech mat esou enger Kommissioun eng wertvoll Hëllef gin, fir op desem Gebidd die richteg Politik am Interesse vun hire Bierger ze maachen. Eng "Commission communale à l'égalité entre femmes et hommes" kann z.B. chargéiert gin Bestandsopnahmen iwer d'Situatioun an der Gemeng ze maachen a Problemer ze detektéieren. Duerno kann sie dem Gemengerot Virschléi maachen vun Moossnahmen fir des Problemer ze

léisen. An dann as et um Gemengerot fir seng politesch Verantwortung ze huelen an a voller Autonomie ze décidéieren, ob hien die virgeschloe Mesuren a Projeten iwerhëlt oder net. Wann en sech entscheed fir Moossnahmen am Interesse vun der Gleichstellung vu Fra a Mann ze realiséieren, da muss en am Budget die néideg Moyenen dofir aschreiwen an sech en Zeitplang fir d'Realisatioun gin. Et as de Gemengerot deen frei bestëmmt wéi eng Prioritéit hien der Gleichstellungspolitik get.

Zum Thema Budget wëll ech awer och nach beifügen, dass eng aktiv Gleichstellungspolitik an eise Gemengen domat ufänkt, dass systematesch de ganze Budget vun der Gemeng am Sënn vum "gendermainstreaming" opgesat get. Dest nennt sech "genderbudgeting". Konkret geet et hei drem, dass een den Impakt vun de Gemengenausgaben op d'Fraen an d'Männer soll moossen, an an alle Bereicher d'Gelder soll besser am Sënn vun der Gleichstellung vu Fra a Mann asetzen.

Gleichstellungspolitik um kommunalen Niveau kann net nëmmen iwer Subsiden geregelt gin, mee et as eng Querschnittaufgab vun der gesamter Politik. Fir dest ze erreechen wier et och wichteg, dass an allen Gemengekommissiounen – egal wat hiren spezifesche Bereich as – den "Genderaspekt" berücksichtegt get.

D'Gleichstellungspolitik leit also an der Hand vun eise Gemengenautoritéieten. Et hängt vun hirem Wëllen, vun hirem Engagement, vun hire Prioritéiten of, ob sie des Politik maachen, wéi intensiv se sech an desen Domaine begin an a wéi enger Zeitschin sie bereet sin konkret um Terrain ze handelen.

An der Regierungserklärung vun 2004 huet die heiteg Regierung hiren Engagement fir eng Gleichstellung vun de Fraen an de Männer esouwuel um rechtleche Plang ewéi och an der Realitéit um Terrain ausgedréckt. Sie huet ënnerstrach, dass se d'Gemengen géif encouragéieren fir "Services à l'égalité des femmes et des hommes" ze schaafen an des Servicer mateneen ze vernetzen. Op des Art a Weis sollen d'Gemengen um "gendermainstreaming" participéieren. E puer grouss Gemengen hun viru kuerzem esou en Service geschaaft, an des Servicer sin am gaang sech opzebauen fir hirer Aufgab gerecht ze gin. Hei si mer nach am Ufank vun engem Prozess, mee mir sin um richtege We fir eppes um Terrain ze bewierken.

Dese kuerzen Iwerblëck iwer die gesetzlech Basis vun der Gleichstellung vu Fraen a Männer am Allgemengen an awer och spezifesch um Gemengeplang, an iwer d'Instrumenter déi de politesch Verantwortlechen um lokale Plang zur Verfügung stin fir bei sech aktiv Gleichstellungspolitik ze maachen weist, dass eigentlech all Viraussetzungen bestin fir eng gudd Politik an desem Domaine op lokalem Plang ze maachen. Et as un de gewielte Politiker fir um Terrain ze handelen, do wou se e Bedarf feststellen, deen se am Kader vun hire Kompetenzen zefridestelle können.

Fir eis Gemengeverantwortlech bei deser wichteger Missioun ze begleeden an ze ënnerstetzen sin an der Vergaangenheet schon verschidden öffentlech a privatrechtlech Instanzen op d'Gemengen zougaang an werten och an Zukunft weider an des Richtung schaffen.

Den Ministère fir Chancegleichheet huet als Aufgab d'Politik vun der Gleichstellung vun de Fraen a Männer an eiser Gesellschaft ze promouvéieren an huet de

Gemengen schon iwer Informatiounen a Formatiounen versicht des Politik méi no ze brengen fir se op lokalem Plang emzesetzen.

Den Syvicol, e Syndikat an deem all eis Gemenge vertruede sin, huet d'Wichtegkeet vum Thema an eiser Gesellschaft scho laang erkannt a versicht duerch eng Rei vun aktive Moossnahmen de Gemengen ze erklären wéi se sech praktesch sollen uléen, fir d'Gleichstellungspolitik op hierem Territoire ze realiséieren.

Den Ministère de l'Intérieur, als Kommunikatiounsorgan teschend dem Staat an de Gemengen an awer och an senger Fonktioun als Opsiichtsorgan vun de Gemengen, huet zesumme mam Ministère fir Chancegleichhheet a mam Syvicol d'Gemengen virun 2 Joer an enger Circulaire informéiert iwer d'Politique à l'égaltié des femmes et des hommes an hinnen ugebueden se ze berooden en ze ënnerstetzen bei der Integratioun vun desem Thema an d'Politik um lokalen Niveau.

Wéi d'Madame Minister scho gesot huet, bidd den Conseil National des Femmes schon seit laangem de Gemengen seng Formatiounen an Servicer un fir se bei der Realisatioun vun der Gleichstellungspolitik ze assistéieren.

Op europäeschem Niveau as d'Politik vun der Gleichstellung vun Fraen a Männer e wichtegt Thema an de Projet am Kader vun deem die heiteg Konferenz ofgehaale get, get vun der Europäescher Kommissioun ënnerstëtzt. Ech weisen an desem Zesummenhang och op d'"Charte européenne pour l'égalité" hin, déi de President vum Syvicol iech elo gleich wärt virstellen.

Net eleng zu Letzebuerg, me och an deenen aaneren europäesche Länner as d'Politique à l'égalité des femmes et des hommes en Thema. Am Kontext vum heitegen Daag kucke mer eis un, wat 2 aaner europäesch Länner am gaang sin op desem Gebidd ze maachen. Hir Erfahrungen an hir Projeten dierften ons nëtzlech sin fir weider hei am Land d'Politik vun der Egalitéit weiderzeféieren an emzesetzen, haaptsächlech an eise Gemenegen.

Ech si voller Zouversiicht, dass den Daag vun haut e wertvollen Input as fir eise Gemengepolitiker ze weisen wéi se Gleichstellungspolitik sollen ugoen a wéi se sech sollen uléen fir dass hier Politik an hierer Gemeng en Erfolleg get.